# MENG GEMENG

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

ABRËLL - MEE 2024




## D’Natur ass amgaang z’erwächen








**Edito** 3

*Och an eiser Gemeng ass et schéin! | Notre commune aussi a des beaux coins!*

**Info Péiteng Aktuell** 4

**Digital Waassercompteuren, e Schratt an d'Zukunft** 5

*Zënter Mäerz 2024 ginn an der Gemeng Péiteng nei Waassercompteuren an den Haiser a Residenzen agebaut. Am ganze wäerten an deenen nächste Jore méi wéi 8500 Zähler changéieren oder nei agebaut ginn.*

**Auf Entdeckungsreise in der Dreiländerecke** 6

*Ob aus der Ferne oder von ganz nah, Besucher sind stets willkommen hier im Dreiländereck im äußersten Südwesten Luxemburgs. Lange Zeit war die Region lediglich als industrieller Standpunkt und Eisenbahnknotenpunkt bekannt.*

**Das Denkmal in der Petinger Bahnhofshalle (Teil 2)** 8

*...Daraufhin wurde der gebürtige Deutsche Aloyse WEINS aus Niederkerschen mit der Ausarbeitung des Ehrenmals beauftragt. WEINS hatte vor dem Krieg als Gehilfe von Claus CITO gearbeitet und war seit 1946 als selbstständiger Bildhauer tätig.*

**Les mini entreprises du LMA** 9

*Des étudiants du LMA de Lamadelaine se sont concertés afin de mettre sur pieds trois petites entreprises qui pourraient être utiles pour les citoyens de la commune de Pétange. Et les projets réalisés devraient interpeller aussi bien une clientèle jeune, qu'un peu moins jeune.*

**AGENDA** 10

**Péitenger Kavalkad 2024** 14

**Wat war lass?** 16

**Mir gratuléieren** 21

**D'Gemeng informéiert** 22

*Den 9. Juni sinn Europawalen | Les élections européennes se tiennent le 9 juin*

*Äddi Romain Becker! | Guy Arend als neie Conseiller vereedegt*

*Déi Péitenger Kiermes gëtt verréckelt! | RPL-TV |*

*L'avenue de la Gare sera réaménagée | Un nouveau «look» pour la place du Marché*

*Des plantations pour le nouveau lotissement*

*Mise en vente des terrains dans le nouveau lotissement Neiwiss II à Rodange*

**NUIT DU SPORT 2024** 25

**Leichte Sprache - ein Artikel für Menschen mit Lernschwierigkeiten** 26

*Infos über die Europa-Wahlen*

**Buergbrennen an der Gemeng Péiteng** 28


# IMPRESSUM


**Éditeur:**
Administration communale de Pétange
B.P. 23 • L-4701 Pétange
Tél.: 50 12 51-1000
Fax: 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction:**
Pia Hansel, Nathalie Flenghi, Tom Meis

**Photos:**
Service Culture et Communications, Laurent Blum, Christian Berg, Seniorie St Joseph, iStockphoto

**Mise en page & impression:**
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng",
imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition:**
Avril - Mai 2024

ISSN 1993-0070

# Och an eiser Gemeng ass et schéin!

Déi waarm a sonneg Joreszäit steet virun der Dir, a méi wéi wahrscheinlech zitt et nees eng Kéier vill Matbierger ab Ouschteren an de Süden. Sonn, Mier, Strand, dës sinn Atouten, déi een an där Kombinatioun natierlech net onbedingt all hei zu Lëtzebuerg fënnt.

An dach! Bei eis hei am Dräilännereck ass et och schéin. Dat hunn an de leschte Jore vill Leit festgestallt, wéi si an der schéiner Minettsregioun ënnerwee waren. Jo, mir hu vläicht keng kilometerlaang Sandstränn oder héich Welle fir ze surfen. Dofir gëtt et bei eis ganz aner Méiglechkeete fir eppes Neies z'entdecken. Am PiKo zu Rodange ass zwar keng Plagëstëmmung, awer mat dem oppenen Daach steet e puer flott Stonnen am grousse Pool näischt am Wee.

Et fënnt een an der Péitenger Gemeng kilometerlaang Trëppelweeër duerch e grousst Naturreservat, wou eng immens variéiert Flora a Fauna laanscht d'Pied, op der Gewan oder am Bësch ze kucken ass.

Wien sech éischter fir Fester a Kultur interesséiert, deen ass och op der richteger Plaz. Sief et um „Afterwork", um „Food Festival", beim Nopeschfest oder bei der Liberatiounsfeier mam „Rockabilly" esouwéi op verschiddene Concerten am Fräien, et ass fir jiddfer Goût eppes derbäi. Profitéiert dervun a kommt eis besichen. Mir freeën eis op Iech!



# Notre commune aussi a des beaux coins !

La saison chaude approche à grands pas et nombreux seront probablement les concitoyens qui prendront la route vers le sud à partir de Pâques. Le soleil, la mer, la plage, voilà des atouts qu'on ne trouvera pas tous au Grand-Duché.

Et pourtant! Le pays des trois frontières est beau également. Bon nombre de gens en ont fait l'expérience en voyageant dans le pays de la terre rouge. Oui, nous n'avons pas des kilomètres de plage de sable ou des vagues pour surfer. Mais chez nous, vous aurez d'autres possibilités afin de faire de nouvelles découvertes. Certes, l'atmosphère de plage n'est pas la même, mais au PiKo – le pool « convertible » à Rodange le temps passe en un clin d'oeil.

Vous trouverez, dans la commune de Pétange, des kilomètres de sentiers passant par la grande réserve naturelle où la diversité de la flore et la faune se révèle aux promeneurs le long des chemins, dans les champs et bois.

Les amis des fêtes et de la culture trouveront leur compte aussi. Que ce soit au « Afterwork », au « Food Festival », à la Fête des voisins ou à la Fête de la Libération avec son « Rockabilly » ou lors des nombreux concerts open air. Profitez de cette panoplie de manifestations. Venez nous visiter. Ce sera un plaisir de vous accueillir !

# De Péiteng Aktuell am neie Format!




Am Dezember 2023 hat d'Gemeng e Sondage lancéiert fir ze gesinn, iwwer wat fir Kommunikatiounsmëttelen d'Bierger sech informéieren. Dëse Sondage gouf am *Meng Gemeng*, op der Facebook-Säit an der Internetsäit vun der Gemeng publizéiert.

Opgrond vun de Resultater wäert dann och an Zukunft de *Péiteng Aktuell* – de Magazine, an deem d'Gemengerotssëtzungen ëmmer integral publizéiert goufen – elo an enger ofgespeckter an zweesproocheger Versioun an de *Meng Gemeng* integréiert ginn. Doduerch datt d'Audio-Dateien ëmmer op der Internetsäit vun der Gemeng ofzelauschtere sinn, ass et méiglech dëse Schratt ze goen an de Bierger dach d'Méiglechkeet ze ginn, alles wat an de Gemengerotssëtzunge geschwat gëtt, nozelauschteren.

Hei sief dann och nach eng Kéier drop higewisen, datt jidderee kann op den Internetsite oder op de *youtube*-Kanal vun der Gemeng goe fir live mat derbäi ze sinn.

Fir d'éischt emol e grousse **Merci** all deene Leit, déi sech Zäit geholl an hir Äntwert erageschéckt hunn. Et war flott ze gesinn, wéivill Bierger sech fir alles, wat an der Gemeng passéiert, interesséieren an doriwwer informéieren. An dat ob ganz verschiddene Weeër. Mir wäerten dann och déi éischt 10 Leit, déi eis hir Äntwerten erageschéckt hunn, mat engem Akaafsbong am Wäert vu 25€ belounen. Dëse Bong kënnt dir an engem vun de Geschäfter oder Restauranten zu Lamadelaine, Rodange oder Péiteng aléisen.

# Sauvons Bambi Luxembourg

Sauvons Bambi

## HELFEN SIE UNS ZU HELFEN!

Um den Landwirten zu helfen, die Rehkitze beim Mähen zu schützen, haben die Mitglieder der ASBL „Sauvons Bambi Luxembourg" und die Verantwortlichen der sechs Partnergemeinden Beckerich, Garnich, Habscht, Koerich, Saeul und Steinfort im Frühjahr 2023 die Pilotphase des Projekts „Sauvons Bambi" initiiert. Petingen hatte als Helfer an den Kampagnen 2021 und 2022 teilgenommen. Von nun an formalisieren die vier Gemeinden Petingen, Mamer, Dippach und Käerjeng ihre Partnerschaften mit der ASBL, indem sie eine Interventionsstation durch die Gemeinde finanzieren (die von der Gemeinde bei der ASBL vom 1. April bis zum 15. Juli geliehen werden kann) und durch die Festlegung der Bedingungen im Rahmen einer Konvention. Freiwillige Fernpiloten müssen mindestens über Lizenzen der Klassen A1 und A3 verfügen (kostenlose Prüfung beim DAC) und den Ausbildungszyklus der ASBL absolvieren. Den Rest des Jahres kehrt die Drohne für Standortuntersuchungen und topographische Untersuchungen in die Gemeinde zurück.

**Im Jahr 2023 wurden im Großherzogtum Luxemburg 258 Rehkitze gerettet, 77 davon im Westen des Landes.**

Die Initiative zielt darauf ab, den Tod und die Verstümmelung von Rehkitzen zu verhindern und somit den Landwirten zu helfen, das Mähen entspannter zu gestalten. In der Praxis besteht die ASBL „Sauvons Bambi Luxembourg", welche die Initiative ins Leben gerufen hat, heute aus mehreren Freiwilligen (Drohnenpiloten und Helfern), die auf Anfrage der Landwirte vor Beginn des Mähens mit Drohnen über die landwirtschaftlichen Parzellen fliegen. Die in den Wiesen versteckten Kitze werden mit Hilfe von Wärmebildkameras lokalisiert und anschließend aus der Gefahrenzone gebracht. Nach dem Mähen werden sie sicher in ihre Territorien und zu ihren Müttern zurückgebracht.

**WERDEN SIE EHRENAMTLICHER HELFER bei „Sauvons Bambi Luxembourg".**

Damit das Pilotprojekt in Zukunft weiter reibungslos funktioniert, ist Ihre Hilfe als Pilot oder freiwilliger Helfer bei den Missionen zwischen Anfang April und Mitte Juli unerlässlich.

**Zögern Sie nicht, sich für weitere Informationen an den Verein zu wenden: contact@sauvonsbambi.lu · T.: 621 39 07 57**



# Digital Waassercompteuren, e Schratt an d'Zukunft

*Zënter Mäerz 2024 ginn an der Gemeng Péiteng nei Waassercompteuren an den Haiser a Residenzen agebaut. Am ganze wäerten an deenen nächste Jore méi wéi 8500 Zähler changéieren oder nei abauen. Dëst ass e Schratt a Richtung modern a performant Gestioun. Wéi kann een sech déi nei Compteuren dann elo virstellen?*

## E bessere Monitoring fir de Client

Pro Joer ginn elo 1000 Zählere installéiert. Dës digital Apparaten, déi 10 Joer laang gülteg sinn, hunn dann och eng agebauten Antenn, déi - ewéi bei engem Funksystem – mam Waasserservice vun der Gemeng verbonne gëtt. Fir datt d'Daten iwwerdroe kënne ginn, huet d'Gemeng 10 Antennen op enger relativ grouss Héicht ubruecht (0G-Netz).

Wat soll domat erreecht ginn? All Drëps gëtt mat deenen neien Ultraschallzähler gezielt. Duerch d'Installatioun a jiddfer Stot kann deen zoustännegen Service op der Gemeng ëmmer Zougrëff op d'Date vun de Clienten hunn. Dat huet ganz däitlech Virdeeler. Wann z.B. eng Persoun iwwer e puer Méint net doheem ass an de Krunn drëpst, da kann dat – wann et bei der Rechnung opfällt – gemellt ginn, esou datt net méi Käschten entstinn an alles reparéiert ka ginn.

Wichteg ass et och, datt d'Gemeng bei all gréisser Fuite direkt en Alarm gemellt kritt an esou ganz genee weess, wou de Problem läit. Net nëmmen dat ass wichteg. Och wann e Compteur defekt ass, geet en Alarm beim Service un, esou datt och d'Clienten alleguer vun dëser zousätzlecher Sécherheet profitéieren.

No der Installatioun vun engem Compteur kann de Client froe fir e Link ze kréien, wouduerch en eng App kann eroflueden, déi et him erméiglecht, zu all Moment säi Waasserverbrauch am An ze behalen an esou Onregeleméissegkeeten matzäiten z'entdecken. Och d'Gemeng kann esou de Verbrauch respektiv d'Problemer bis 15 Méint zeréckverfollegen.



**Déi al, blo Compteure ginn no an no ersat**







# Auf Entdeckungsreise in der Dreiländerecke

*Ob aus der Ferne oder von ganz nah, Besucher sind stets willkommen hier im Dreiländereck im äußersten Südwesten Luxemburgs. Lange Zeit war die Region lediglich als industrieller Standpunkt und Eisenbahnknotenpunkt bekannt. Doch das hat sich in der Zwischenzeit geändert. Kommen Sie mit auf eine Entdeckungsreise, Sie werden begeistert sein!*

**Von Römern und Kelten**

Bereits vor mehr als 2 Jahrtausenden war der Titelberg besiedelt und ein reges Handelszentrum, dessen Lage vor allem die Kelten nutzten. Ausgrabungen haben gezeigt, dass hier sogar die Hauptstadt der Treverer war. Die Römer bezeichneten den Titelberg als Oppidum oder befestigte Siedlung. Auch heute sind noch die Überreste auf diesem hoch gelegenen Plateau zu besichtigen. Informationspanele erzählen die Entwicklung des Standortes sowie der einzelnen Quartiere.




**Reise in die jüngere Vergangenheit**

Der industrielle Charakter der Region ist allgegenwärtig, wenn auch meistens im Hintergrund. Mit einer Ausnahme: der „Train 1900“ sowie die „Minièresbunn“, beide eingebettet im Freilichtmuseum Fond-de-Gras. Hier gehört, neben den saisonalen Dampffahrten von Rodange und Petingen aus, auch die Erlebnistour mit der Grubenbahn in die unterirdischen Schächte bis nach Lasauvage.

Im Fond-de-Gras selbst erliegen die Besucher dem Charme der heimeligen und sehr beliebten Gaststätte „Bei der Giedel“ derweil im Tante-Emma-Laden - „Epicerie Binck“ – nebenan die Produktpalette auf den Regalen so manchen zurück in die Kindheit versetzt.

Verlockend ist auch die Aussicht auf einen Aufenthalt im eigens dafür hergerichteten Eisenbahnwagon mit Sauna, Küche und Bad. Wer möchte nicht abends Fuchs und Has eine gute Nacht wünschen und morgens mit Vogelgezwitscher mitten im Grünen erwachen. Ein unvergessliches Erlebnis.

www.minettpark.lu

www.simpleviu.com





**Auf Schusters Rappen…**

… ist und bleibt die beste Art und Weise eine Stadt, eine Region besser kennenzulernen. Rundum die Gemeinde Petingen erstrecken sich weite Wald- und Wiesenflächen, deren teils wilde Schönheit sich lediglich dem Wanderer offenbart. Indes der geologische Lehrpfad eher die Gesteinsschichten an zahlreichen Standorten preisgibt, stehen auf dem Entdeckerpfad vielmehr Fauna und Flora im Mittelpunkt. Seien es Schmetterlinge oder wilde Orchideen, jeder wird sicherlich ein Lieblingsplätzchen im Herzen von Mutter Natur finden.

Zwei interessante und ganz besondere Wanderrouten sind der Dichterweg sowie der Kirchenpfad. Erstere führt über 12 Stationen, an denen je ein literarischer Text Luxemburger Autoren rund um das Thema Wald an Holzpfählen zu lesen ist. Der Kirchenpfad wurde erneuert und ist eigentlech ein alter Weg, der von Petingen nach Küntzig führte, wo die Einwohner die Messe besuchten, da Petingen vor Beginn des 19. Jahrhunderts zur Pfarrei Küntzig gehörte. Zwei ruhige Spazierwege, auf denen man „Natur pur" erleben kann.









**Wo einst die Mühlenräder drehten**

Zwei einstige Mühlen, welche noch bis zur Mitte des 20. Jahrhunderts betrieben wurden, haben in den vergangenen Jahren einen neuen „Look" erhalten. In Lamadelaine werden regelmäßig Führungen für Besucher angeboten, und auch der letzte Bewohner, der sogenannte „Millejängi" sorgt für eine informative sowie amüsante Tour des Gebäudes.

Derweil eignet sich die Petinger Mühle – ehemals die Waxweiler Mühle – mit ihrer Außenbühne und dem ausgedehnten Plaz davor für ganz diverse Veranstaltungen. Neben der Gedenkzeremonie zum alljährlichen Tag der Befreiung Petingens durch die US-Armee am 9.9.1944 finden hier auch die „Afterwork"-Party sowie Konzerte statt. Auch die Innenräume werden für kleinere Aufführungen und für Kunst-Workshops genutzt.

Im angrenzenden Roten Haus wird die Geschichte Petingens während des 2. Weltkrieges lebendig. Sei es anhand der mehrsprachigen interaktiven Einrichtung oder den zahlreichen Video-Dokumentationen zum Thema 2. Weltkrieg.





**Das Cabrio der Schwimmbäder**

Wenn draußen die Temperaturen steigen und die Sonne scheint, dann heißt es bald wieder „Dach einfahren" im PiKo in Rodange. Mit ihrem beweglichen Dach und der klappbaren hinteren Glasswand verwandelt sich das Hallenbad innerhalb weniger Minuten in ein Freibad mit einer 80 m Rutsche, mit angrenzender Liegewiese, einem Café sowie einem Planschbecken. In Kürze wird das vollständig sanierte Schwimmbad seine Türen wieder für die warme Jahreszeit öffnen.

# Das Denkmal in der Petinger Bahnhofshalle (Teil 2)

Daraufhin wurde der gebürtige Deutsche Aloyse WEINS aus Niederkerschen mit der Ausarbeitung des Ehrenmals beauftragt. WEINS hatte vor dem Krieg als Gehilfe von Claus CITO gearbeitet und war seit 1946 als selbstständiger Bildhauer tätig.

Das von ihm geschaffene Momument wurde schließlich am 7. März 1954 feierlich eingeweiht, in Anwesenheit von zahlreichen, teils illustren Gästen, unter denen sich allerdings weder ein Vertreter des großherzoglichen Hofes noch der Regierung befand.

Beim Betrachten des drei Meter breiten und zweieinhalb Meter hohen Denkmals (in Form eines Triptychons gearbeitet) fällt sofort im Mittelteil das Luxemburger Wappen auf, zu beiden Seiten lesen wir die Jahreszahlen 1940 und 1945 und darunter die Inschrift: LES CHEMINOTS DE PETANGE A LA MEMOIRE DE LEURS CAMARADES-MARTYRS. Der Sockel wird dominiert von einem Flügelrad, dem internationalen Symbol der Eisenbahner. Auf den beiden Seitenteilen stehen, jeweils unter dem Motto „HONNEUR ET PATRIE" in alphabetischer Reihenfolge die Familiennamen sowie die Initialie(n) des Vornamens von 17 als „Märtyrer" angesehenen Kameraden. 14 von ihnen hatten vor dem Krieg in Petingen, zwei in Niederkerschen und einer in Beckerich gewohnt.

Im Folgenden werden ihre tragischen Schicksale kurz skizziert:

- BALK Martin, geboren am 20.2.1902 in Hosingen, gestorben am 5.8.1942 im KZ Dachau.
- EDERT Jean, geboren am 2.1.1890 in Bastendorf, gestorben am 8.4.1945 im KZ Dachau.
- FISCH Pierre, geboren am 22.3.1894 in Petingen, gestorben am 16.9.1942 im KZ Dachau.
- HAHN François, geboren am 23.4.1903 in Wiltz, gestorben – zusammen mit seiner Frau und einem Kind – durch eine explodierende Granate im Pausenhof der Park-Schule in Petingen.
- LEGERIN Pierre, geboren am 28.8.1998 in Petingen (laut anderen Quellen in Linger), gestorben am 7.3.1945 in Mayen durch nicht nicht näher auszumachende Kriegereignisse.
- LESS Jean, geboren am 2.2.1903 in Niederkerschen, gestorben am 14.11.1942 im KZ Auschwitz.
- MICHAELY Nicolas, geboren am 9.10.1891 in Eich, gestorben am 5.3.1945 im KZ Dachau.
- MULLER Nicolas, geboren am 23.4.1893 in Luxemburg, gestorben am 17.4.1943 im KZ Dachau.
- REEF Pierre, geboren am 25.6.1906 in Liefringen. Er starb am 9.1.1944, wohl an den Folgen seiner Inhaftierung (laut einer anderen Quelle in einem nicht näher definierten KZ).



Das Denkmal für die Eisenbahner befindet sich in der Schalterhalle des Bahnhofs

- REISER Jean-Pierre, geboren am 11.8. 1904 in Everlingen, gestorben am 8.2.1945 im KZ Dachau.
- ROILGEN Albert, geboren am 13.4.1912 in Heiderscheidergrund, gestorben am 18.12.1944 im KZ Wiesbaden durch einen alliierten Luftangriff.
- THILL Fernand, geboren am 3.11.1897 in Niedermertzig, gestorben im April 1945 in einem Außenlager des Straf- und Arbeitslagers Natzweiler-Struthof (im besetzten Elsaß).
- THILLMAN Jean, (laut anderer Quelle Thilmann), geboren am 29.6.1890 in Heiderscheid bei Clerf, gestorben am 20.7.1943 in Hinzert.
- THOMA Camille, geboren am 13.6.1887 in Petingen, gestorben im KZ Bergen-Belsen.
- WEILER Pierre, geboren am 17.7.1903 in Petingen, gestorben am 26.11.1942 im KZ Auschwitz.
- WEISGERBER Auguste, geboren am 2.7.1902 in Hollerich, gestorben am 9.1.1945 im KZ Dachau.
- WEISGERBER Gustave, geboren am 20.3.1907 in Waldbillig, gestorben am 5.5.1944 in Johanngeorgenstadt (Oberpfalz), einem Außenlager des KZ Zwickau-Flossenbürg in Sachsen.

***

Es mag dem aufmerksamen Leser aufgefallen sein, dass sich unter den durch dieses Ehrenmal Geehrten kein Vertreter der zwangsrekrutierten Jahrgänge 1920-1927 befindet, obwohl auch mehrere junge Eisenbahnmitarbeiter an der Front fielen oder als Refraktäre einen gewaltsamen Tod erlitten. Das liegt daran, dass sie in der unmittelbaren Nachkriegszeit nicht mit den Resistenzlern gleichgestellt wurden. Heutzutage dagegen genießen beide Opfergruppen dasselbe respektvolle Gedenken und die gleiche Anerkennung.

# Les mini entreprises du Lycée Mathias Adam

*Des étudiants du LMA de Lamadelaine se sont concertés afin de mettre sur pieds trois petites entreprises qui pourraient être utiles pour les citoyens de la commune de Pétange. Et les projets réalisés devraient interpeller une clientèle jeune et un peu moins jeune.*

## HELPyou



Les formulaires administratifs sont difficiles à remplir pour vous ?

Vous ne savez pas si vous avez droit à certaines aides financières de l'État ?

Vous aimeriez utiliser myGuichet pour réaliser vos démarches administratives mais n'avez pas d'affinité pour l'informatique ?

Alors venez voir la mini-entreprise HELPyou à l'hôtel de ville de Pétange !

Les élèves vous aideront volontiers à remplir vos formulaires administratifs comme par exemple les demandes de subvention de loyer, la demande de l'allocation de vie chère ou encore la prime énergie de l'Etat.

Le service, destiné aux habitants de la commune de Pétange est entièrement gratuit.

Permanence les lundis, mardis et vendredis de 15h00 à 16h30 et les mercredis de 16h00 à 18h30.

**Vous nous trouvez au Bureau 201 (2ème étage) à l'hôtel de ville, place John F. Kennedy à Pétange**

**Langues parlées : LU, DE, FR, EN et PT.**



## ACE5

Vous êtes à la recherche d'un cadeau personnalisé?

Votre association a besoin de textiles personnalisés?

La «start-up» ACE5 du Lycée Mathias Adam a ce qu'il vous faut et propose un service de personnalisation de textiles et d'autres articles tel que des tasses, des t-shirts ou pullovers à des prix compétitifs.

Des demandes individuelles peuvent être faites par mail ou via les réseaux sociaux, et les élèves se feront un plaisir de vous conseiller dans vos choix.

**Contactez-nous par:**
- **Instagram : ace5_2023**
- **Facebook : ace mini entreprise**
- **E-Mail : m.e.ace5.2023@gmail.com**

## LUXBRUNCH



Le weekend, vous avez envie d'un bon croissant artisanal ?

Pourtant vous n'avez pas envie de vous lever tôt ?

La mini-entreprise LUXBRUNCH peut vous aider !

LUXBRUNCH est une mini-entreprise du Lycée Mathias Adam, qui fait la vente et la livraison du petit déjeuner les samedis et dimanches matin. Les personnes habitant dans la commune de Pétange, peuvent profiter de notre service depuis le 16 mars 2024.

Choisissez entre une boîte classique avec un jus d'orange, un petit pain blanc et un croissant au beurre et une boîte personnalisée, composée de produits à choisir individuellement parmi une liste de produits proposés.

**Recevez le menu par mail ou courrier pour ainsi profiter de cette offre dès le week-end prochain en nous contactant par: tél. +352 691 728 403 (appel ou SMS via Whatsapp) ou en envoyant un e-mail à: luxbrunch@outlook.com**

**Réservations jusqu'à jeudi 15h00 pour une livraison en weekend !**

# AGENDA
## Avril - Mai







## 21.04.
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Pétange – Maison de la culture 'A Rousen'
Début: 10h30 · Entrée libre

Org.: Emergency Volunteer Aid-Team

## PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE
**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**TOUR 3: DEN 19.04. A 17.05.**

**TOUR 2: DEN 12.04. AN 10.05.**

Org.: Gemeng Péiteng



## PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG
Vu moies fréi bis nomëttes

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**TOUR 1: DEN 13.04. AN 11.05.**

Org.: Péitenger Guiden a Scouten




## 25.04.
## PROJECTION DU FILM « Schockela Knätschgummi a brong Puppelcher »
Début: 19h30

Maison de la mémoire collective 'An der Uecht'
1A, Av. de la Gare · Lamadelaine




## 26.04
## ZUMBA MASTERCLASS
Lamadelaine – Fräizäitzenter
vun 19.30 bis 21.00 Auer

Kontakt: contact@zumbachicas.lu oder Tel. +352 661 273 005

Org.: ZChicas Luxembourg




## 27.04. et 28.04.
## BROCANTE
Pétange – place J.F. Kennedy
de 9h00 à 17h00 · Entrée libre

Org.: Homework

## 28.04.
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Pétange – Café Am Home
Début: 11h00 · Entrée libre

Org.: Amicale Péitenger Senioren

**28.04.**
## CONCERT
Lamadelaine – Centre de loisirs
Début: 16h00
Org.: Société Chorale Lamadelaine

**29.04.**
## BICHERBUS
Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer
Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer
Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.
Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu
Um Internet änner: https://cutt.ly/ewKPTuE
Org.: Kulturministère

**30.04. et 01.05.**
## FÊTE DU 1er MAI
Lamadelaine – Centre de loisirs
Entrée libre
Début le 30 avril: 17h00
Début le 1er mai: 10h00
Org.: Hobby 81 Lamadelaine




**04.05.**
## TOURNOI DE VOLLEYBALL - LOISIR
Pétange – Centre sportif Bim Diederich · de 9h20 à 22h00
Infos sur www.volley80.lu/events
Org.: Volley 80 Pétange

**05.05.**
## PLOGGING – PICK UP AND RUN
Péiteng – Parking beim Kierfecht
Ufank: 10h00
Org.: CA Red Boys – UA Pétange, Gemeng Péiteng an d'Ëmweltkommissioun

**05.05.**
## FRÉIJOERSFEST
Rodange – Kulturzenter
Aktivitéiten am Fräien
Kabarett an Theater
Ufank: 11.00 Auer
Org.: Cercle Dramatique Rodange

**05.05.**
## CONCERT DE BIENFAISANCE
Pétange – Home St Hubert
Début: 16h00
Org.: Harmonie municipale Pétange

**08.05. et 05.06.**
## MARCHÉ MENSUEL
Pétange – place J.F. Kennedy
de 8h00 à 12h00
Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

**11.05.**
## SHOW CONCERT
Lamadelaine – Fräizäitzenter
Ufank: 20.00 Auer
Org.: Harmonie Municipale Rodange & Lamadelaine

**15.05.**
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Pétange – Maison de la culture «A Rousen»
Début: 19h00
Entrée libre
Org.: La Main Tendue Angela asbl




**18.05. et 19.05.**
## MARCHÉ AUX PUCES
Lamadelaine – Centre de loisirs
le 18.5 de 14h00 à 18h00
le 19.5 de 10h00 à 18h00
Org.: Hobby 81 Lamadelaine

**19.05. et 20.05.**
## TOURNOI DE FOOTBALL POUR JEUNES
Rodange – Stade Jos. Philippart
Début à 8h00
Org.: FC Rodange 91

**20.05.**
## RANDONNÉE MARCEL ERNZER
Rodange – Stade Doihl
Début: 8h00
Org.: Union Cycliste Rodange

**26.05.**
## TËTELBIERG-TRAIL
Rodange – Stade Doihl (rue de la Minière)
Departen un 10.00 Auer (17 km) an um 10.30 Auer (10 km)
Aschreiwungen op www.chiplauf.de
Detailer op www.rbuap.com
Org.: CA Red Boys – UA Pétange

**26.05.**
### CONCERT GRAZIANO

Lamadelaine – Fräizäitzenter
Ufank de 25.5 um 19.00 Auer
Ufank de 26.5 um 15.00 Auer
D'Dire ginn eng Stonn
virum Concert op

Reservatiounen op berscheu@pt.lu
Tel. +352 691 812 845
Entrée: 125 € Concert an Buffet
(fir déi 2 Deeg) · Just sonndes: 45 €

Org.: Lëtzebuerger Schlager- a Volleksmuseksfrënn asbl

**25.05. a 26.05.**
### KORDALL AM DRIBBEL

Péiteng – Sportzentrum
Bim Diederich - Basketball-Turnéier
Informatiounen op
www.kordall-steelers.lu

Org.: Kordall Steelers

### CENTRE WAX

Sall um Späicher
2, rue d'Athus
L-4710 Péiteng

**26.04.**
### CABARET BATTER SÉIS: ET WOR EMOL

**Cabaretsowend 2024**

Texter a Lidder
zu aktuellen Thematiken

Ufank: 20.00 Auer

Entrée: 15 €

Reservatiounen:
masutti@pt.lu

Org.: Konscht-Millen asbl

**Ausstellungen / Expositions**
### MAISON DE LA CULTURE A ROUSEN

Place du Marché · L-4756 Pétange

**du 26 au 28 avril**
### HILDA RAFFAELLI

Heures d'ouverture :
de 14h00 à 18h00

**du 24 au 26 mai**
### TOM KREE

Heures d'ouverture:
de 14h00 à 18h00

Org.: Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

www.petange.lu

**18 et 19 mai 2024**
### STAGE D'INTRODUCTION À LA PERMACULTURE

La permaculture, c'est bien plus qu'un outil de jardinage ! Venez découvrir le potentiel et la mise en œuvre de ce système de conception écologique. Le mot permaculture est une contraction des mots 'permanent' et ‚agriculture'. Le concept était développé il y a plus de 40 ans en Australie.

La permaculture est la synthèse la plus aboutie regroupant aussi bien les sciences de l'écologie et de la vie que les connaissances des peuples indigènes et des traditions agronomiques anciennes, tout en intégrant une réflexion sociétale pour concevoir et construire des lieux de vie soutenables et humains. La permaculture nous permet donc de réinventer nos lieux de vie en mettant en pratique ces savoirs et a pour but la conception, la planification et la réalisation de sociétés humaines écologiquement soutenables, socialement équitables et économiquement viables. Elle se base sur une éthique, dont découlent des principes et des techniques permettant une intégration des activités humaines avec les écosystèmes.

Ce cours s'adresse à toute personne désireuse de connaître et mettre en pratique la permaculture.

La formation comprend des présentations, des études de cas, des processus participatifs et interactifs, des jeux de rôle, des échanges, des observations de terrain et exercices de conception, et de la pratique du jardinage.

**Infos/inscription :**
**https://www.klimabuendnis.lu/fr/stage-dintroduction-a-la-permaculture-3/**













Plus d'informations sur www.petange.lu

# 67. PEITENGER KAVALKAD




















XXXI


Prënzen-
Express


35
BOULANGERIE


Schruppen Botzen a Biischten
datt Kënne mir !







CAFE DE LA PLACE

# Wat war lass?

Op Vältesdag, de **14. Februar**, hat d'Gemeng Péiteng d'Vertrieder vu 4 ONGen agelueden, déi je e Scheck vu 7.500€ iwwerreecht kruten. Zu Péiteng ass dat schonn eng Traditioun, datt d'Aarbecht vun Net-Regierungsorganisatiounen ënnerstëtzt gëtt.

*D'ONG „Pharmaciens sans Frontières Luxembourg ASBL" hëlleft jonke Leit tëscht 12 an 20 Joer am Benin fir datt si kënnen op eng gutt a bezuelbar medezinesch Versuergung zeréckgräifen an déi heefegst Krankheete besser behandelt ginn ouni datt si sech Suerge musse maache wat d'Käschten ugeet. Des Weidere sollen och am Senegal ganz Dierfer besseren Zougang zu medezinescher Behandlung kréien an am Nepal setzen si sech dofir an, datt Fraen a Kanner eng besser Hygiène an eng besser Ernährung hunn.*









*D'„Action Solidarité Tiers Monde ASTM" setzt hir Suen am Togo an, wou si e Projet hunn, wou d'Lokalprodukter an de Mëttelpunkt gestallt ginn, esou datt d'Fraen an der Savanneregioun am Togo e bessert Akommes kréien. Duerch d'Zesummenaarbecht mat de Kooperative ginn esouwuel déi sozial Stellung ewéi hiirt Potenzial an der Famill an an der Gemeinschaft gestäerkt.*

*D'ONG „SOS Villages d'Enfants Monde ASBL" këmmert sech ëm 29 verschidde Projeten, déi iwwer 16 Länner verstreet sinn. Hei geet et virrangeg ëm de Schutz vun de Kanner. Vun der Ënnerstëtzung profitéieren eng 30.000 Kanner, Jugendlech an Erwuessener genee esou ewéi 15.000 engagéiert Leit, déi sech fir dës Cause an all dëse Projeten asetzen.*




*Am Peru ass d'ONG „PADEM" engagéiert. Si hunn de Scheck vun der Gemeng entgéintgeholl esou datt dës Sue beim Bau vun enger neier Spillschoul gebraucht kënne ginn. Dëse Projet ass agebett an engem ganze Konzept, wou d'Positioun vun de Fraen am Tourismus an diversen anere Beräicher gestäerkt gëtt. Donieft sinn awer d'Gesondheet, d'Ernährung, Gewalt an de Famillen an och d'Natur an deem Konzept mat abezunn.*




**03.02.2024** - *Den 3.Februar war am Kulturzenter zu Rodange d'Assemblée Générale vun den Amis des lépreux, déi zënter 1963 existéiert. D'Presidentin Albertine Huberty seet all deenen onermiddlechen hëllefe Merci, sief et fir déi manuell Aarbecht oder déi Geld spenden. Nom Kassenbericht goufe D'Schecke vun 11.000 € u verschiddenen Organisatiounen iwwerreecht.*



**28.02.2024** - *C'est pour une courte visite de l'Espace muséologique 9'44 que des membres du collège échevinal ainsi que du conseil communal s'étaient rassemblés au sein de la Maison Rouge à Pétange. Les «nouveaux» mais aussi les anciens parmi les élus ont apprécié les informations sur la présentation des événements autour de la seconde guerre mondiale et surtout de la libération de Pétange le 9 septembre 1944.*

**07.03.2024** - *Zu Rodange an der Maison Relais „Bei de Bujellien" haten d'Kanner sech gutt dru ginn a fläisseg bei hirem Summerfest gesammelt fir en Don un d'Stëftung Thierry Van Werveke ze maachen. 1000€ koumen esou zesummen, an esou waren si och ganz houfreg fir dës Sue weiderzeleeden. Domat gëtt Jonker gehollef, déi an enger schwiereger Situatioun sinn. Vill Luef gouf et vum Buergermeeschter, dee fir dës Geleeënheet vu Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot begleet gouf. An no deem offiziellen Deel huet d'Gemeng dann och nach e Patt offréiert.*



*Ole Super KaGePe, esou housch et zu Rolleng am Fräizäitzenter, wou op 4 Owender d'Kapesëtzungen nees eng Kéier fir bescht Laun gesuergt hunn. Et gouf gelaacht, gesongen a vill gedankt. Sief dat op der Bühn oder op de Still am Sall. D'Gecke freeën sech elo schonn op 2025!*


















**07.03.2024** - *Et ass bal net ze gleewen, datt scho 7 Jorzingten vergaange sinn zënter d'Eisebunnsgesellschaft an der Gare zu Péiteng e Monument opriichte gelooss huet, wou d'Cheminoten, déi während der Besatzungszäit 1940-1945 hiert Liewen hu musse loossen, geéiert goufen. Fir dëse ronne Gebuertsdag waren den CFL-Direktor Marc Wengler, de President vum CFL-Verwaltungsrot Jean Waringo esouwéi Membere vum Schäffen- a Gemengerot zu Péiteng an d'Gare komm, wou de Roger Klein, fréiere Buergermeeschter, e puer Erklärunge ginn huet zum Monument an och zu den Affer, déi net vergiess dierfe ginn.*

**23.03.2023** - *Eng Kuer fir d'Natur … ënner dësem Motto stoung dëst Joer d'Fréijoersbotz an der Péitenger Gemeng. Ronn 500 Bierger hunn hei bewisen, datt hinnen immens vill un der Propretéit vun der Gemeng läit an datt si och gewëllt sinn, hiren Deel dozou bäizedroe fir d'Natur hei bei eis am Eck ze schützen. Fir hir Botzaktioun goufen si mat gudde Mäifel an engem grousse Luef vum Buergermeeschter, dee vu Vertrieder aus dem Schäffen- a Gemengerot begleet gouf, belount. E Concours zum Thema „Konscht mat Offall" an de Maison Relaise war vum Kannergemengerot lancéiert ginn. Déi jonk Vertrieder hunn dann och déi bescht Iddie fir hir Aarbecht belount.*




















**24.03.2024** - *Lateinamerikanische Klänge versetzten wieder einmal einige hundert Tänzerinnen und Tänzer in Hochstimmung bei der Zumba Masterclass in der Sporthalle in Rodange. Zwei Stunden lang hieß es wieder schwitzen und durchhalten. So mancher war für kleine Pausen dankbar, doch alle wollten bis zum Schluss dabei sein. Ein großer Erfolg, so wie man es bereits seit einigen Jahren bei Zumba-Ereignissen kennt. Der gesamte Erlös wird dem Télévie zugute kommen.*











**21.03.2024** - *Un cours de pâtisserie, voilà l'occasion rêvée pour les gourmands qui adorent les sucreries. Et la soirée au moulin de Lamadelaine, organisée par la commune de Pétange, était un grand succès auprès des 8 participants qui ont appris à faire des éclairs et ont aussi eu droit à quelques conseils et astuces qui ne se trouvent pas dans les livres de cuisine. Le résultat: on aurait bien voulu être sur place en tant que goûteur …*







ANNIVERSAIRES

# Mir gratuléieren!



95 Joer jonk gouf d'Elise Steinmetz-Schon, déi zu Péiteng an der Seniorie St Joseph doheem ass. D'Gebuertsdaagskand ass nach gutt a Form an huet sech gefreet iwwer déi vill Wënsch. Vertrieder vun der Direktioun, vum Fleegepersonal a vun der Amicale grad esou ewéi Membere vum Péitenger Schäfferot haten sech et net huele gelooss fir mat der Jubilarin op dësem schéinen Dag unzestoussen.

# Den 9. Juni 2024 sinn Europawalen

De Vote hei zu Lëtzebuerg **ass obligatoresch** fir:

- D'Lëtzebuerger, déi automatesch op d'Wielerlëschten agedroe gi wann se 18 Joer al ginn an och d'Bierger aus engem EU-Staat, déi op der Wielerlëscht agedroe sinn.

### D'Bréifwal ufroen

Jiddfer ageschriwwene Wieler kann d'Bréifwal fir d'Europawalen ufroen. Dës Demande kann elektronesch iwwer **www.MyGuichet.lu**, schrëftlech oder op deem dofir virgedréckte Formulaire ugefrot ginn.

Eng Demande fir d'Bréifwal ka **bis den 30. Abrëll 2024** ugefrot gi wann de Wieler d'Dokumenter fir d'Bréifwal muss op eng **Adress am Ausland** geschéckt kréien.

Eng Demande fir d'Bréifwal ka **bis de 15. Mee 2024** ugefrot gi wann de Wieler d'Dokumenter fir d'Bréifwal muss op eng **Adress zu Lëtzebuerg** geschéckt kréien.

**Opgepasst!** Jiddereen, deen d'Bréifwal ugefrot huet, **DIERF NET** um Waldag an e Walbüro wiele goen!




# Les élections européennes se tiennent le 9 juin 2024

Au Grand-Duché, le **vote est obligatoire** pour:

- Les Luxembourgeois ayant atteint l'âge de 18 ans et qui sont inscrits d'office sur les listes électorales ainsi que pour les citoyens d'un autre Etat membre de l'UE inscrits sur les listes électorales.

### Demander le vote par correspondance

Chaque citoyen (luxembourgeois ou d'un Etat membre de l'UE) inscrit sur les listes électorales peut demander de voter par correspondance lors des élections européennes. Cette demande peut être introduite électroniquement via **www.MyGuichet.lu**, sur paper libre ou sur un formulaire préimprimé.

La demande pour le vote par correspondance peut se faire jusqu'au **30 avril 2024** si les documents afférents doivent être envoyés à une **adresse à l'étranger**.

La demande pour le vote par correspondance peut se faire jusqu'au **15 mai 2024** si les documents afférents doivent être envoyés à une **adresse au Grand-Duché**.

**Attention!** L'électeur ayant demandé le vote par correspondance **NE POURRA PAS** aller voter dans un bureau de vote le jour des élections!

Infos sur https://guichet.public.lu/fr/citoyens.html



# Äddi Romain Becker!

Den 1.1.1994 souz de Romain Becker fir d'éischte Kéier am Péitenger Gemengerot, wou hien als Member vun déi gréng gewielt gi war. Bis den 31.12.1999 huet hien seng respektiv d'Meenung vun senger Partei verdeedegt a mat vill Engagement ervirbruecht. No enger Paus vun e puer Joer war hien vum 25.11.2005 un nees am Sitzungssall derbäi. E Sëtz, deen hien och bis zulescht hat.

De Bierger a virun allem d'Ëmwelt stoungen am Laf vu senger politescher Carrière ganz uewen op senger Prioritéitelëscht. Ma dat war net säin eenzegen Interesseberäich. Als President vum Jugendhaus huet hien sech fir déi Jonk agesat an hir Doléancen nogelauschtert. E weideren Dada war d'Verstännegung tëscht de Mënschen; aus deem Grond war hien och ganz aktiv bei den „Amis des Jumelages", wou hien sech keen Austausch mat de Partnerstied entgoe gelooss huet. Eng Lëscht, déi een nach laang kéint weiderféieren.

De Romain Becker gouf den 28.3.1965 gebuer an huet um Educatiounsministère geschafft. Freides, de 16.2.2024, ass déi traureg Noriicht Gewëssheet ginn, datt hien am Alter vun 58 Joer fir ëmmer vun eis gaangen ass.

www.petange.lu



## Guy Arend als neie Conseiller vereedegt

Den 18. Mäerz 2024 gouf de Guy Arend (déi gréng) als neie Conseiller vum Buergermeeschter Jean-Marie Halsdorf vereedegt. Hie réckelt an de Gemengerot no, dat nodeems de Romain Becker (déi gréng) am Februar gestuerwen ass. De Guy Arend gouf 1960 gebuer, ass bestuet a Papp vun zwee Kanner. Seng Studien huet hie mat dem Diplom vum Agraringenieur ofgeschloss. 10 Joer laang war de Guy Arend Beroder am Naturpark Uewersauer an 2 Joer Enseignant an der Akerbauschoul zu Ettelbréck. Hautdësdaags féiert hien e Bio-Bauerebetrib op der Athuser Strooss zu Péiteng.




## Déi Péitenger Kiermes gëtt verréckelt!

Duerch d'Aarbechten op der Maartplaz zu Péiteng ass et dëst Joer net méiglech d'Kiermes vum 7. Juni 2024 op dëser Plaz z'organiséieren. Dëst ass bedéngt duerch d'Delaie vun den Aarbechten. No Récksprooch mat de Forainen ass d'Gemeng Péiteng elo awer frou matzedeelen, datt eng méi kleng Kiermes dëst Joer ausnahmsweis vum 14. bis den 18. Juni wäert op der John F. Kennedy-Plaz stattfannen.

De Bierger an och de Forainen e grousse Merci fir de Versteesdemech!

## RPL-TV

De Programm fir de Mount Abrëll

**Wat war lass ?**

02.03 Kapesëtzung
09.03 Kannerbal KaGePe
10.03 Kavalkade
20.03 Cours de pâtisserie
23.03 Fréijorsbotz
24.03 Zumbathon

**Reportage**

Dem Albert Wolter seng Leidenschaft fir de Radio
D'Guiden an d'Scoute vu Péiteng –
d'Grupp Hl. Franz vun Assisi

**Commerce**

D'Epicerie „Beim Kurek“ zu Rodange

## L'avenue de la Gare sera réaménagée

Les travaux pour le renouvellement de l'avenue de la Gare à Lamadelaine viennent de commencer par une campagne d'état des lieux du bâti des riverains et s'étendent sur un tronçon de plus ou moins 400 m entre le carrefour avec la route de Luxembourg et le carrefour avec la rue Maragole / rue des Prés. Trois maîtrises d'ouvrage participent à ce projet, notamment la commune de Pétange, l'administation des Ponts et Chaussées ainsi que le SIACH.

Le réaménagement se fera en trois phases:

- Le renouvellement des canalisations.
- Le renouvellement de l'ensemble des divers réseaux souterrains (sauf CREOS).
- Le réaménagement de la surface de la voirie.

A noter: la largeur de la rue passera à 6 m, les trottoirs auront une largeur minimale de 1,5 m, les quais bus et les passages pour piétons seront installés également selon les normes d'accessibilité pour les personnes à mobilité réduite.

# Un nouveau «look» pour la place du Marché

Le stationnement, voilà un sujet assez discuté dans la commune de Pétange et au-delà. Afin d'optimiser l'espace disponible au centre de Pétange, l'administration communale a décidé de réaménager la place du Marché.

Le projet élaboré par les services en charge de la commune – sans recours d'un bureau d'études – engendrera une augmentation des emplacements tout en tenant compte des prescriptions du code de la route et de l'Adapth concernant l'aménagement des places pour personnes à mobilité réduite.

Les coûts de ce renouvellement s'élèveront à – selon le devis estimatif – 430.000€ (TTC) et engloberont les travaux d'infrastucture et d'asphaltage, l'installation de 2 bornes électriques pour 4 emplacements, les nouveaux lampadaires de l'éclairage public, les travaux électriques, les plantations ainsi que le marquage. **Le nombre d'emplacements augmentera** de 5 places normales, 4 pour les voitures électriques et 1 pour personnes à mobilité réduite. Ainsi, 51 places - dont 2 pour personnes à mobilité réduite, 6 pour voitures électriques et 2 pour la police - seront disponibles après la fin des changements prévus.

Les travaux débuteront vers la mi-avril et dureront environ 2 à 3 mois.






# Des plantations pour le nouveau lotissement

A Rodange, sur le terrain du nouveau lotissement «Neiwiss II», la plantation de nouveaux arbres vient de commencer.

Pour l'instant, quelques douzaines d'arbres furent mis en place avant que la construction des logements ne commence. Dès que le lotissement sera en phase terminale de construction, le reste des environ 200 arbres arrivera sur place.



# MISE EN VENTE des terrains dans le nouveau lotissement « Neiwiss II » à Rodange

Le collège des bourgmestre et échevins informe la population qu'un 3ème appel à candidature sera lancé en vue de procéder à la vente des terrains restants.


Au vu de ce qui précède, une annonce avec toutes les informations nécessaires sera publiée courant du mois de mai 2024 dans le Luxemburger Wort.

Une brochure reprenant les critères d'attribution et les conditions arrêtés par le conseil communal, en sa séance du 21 juin 2021, peut être retirée au bureau 5 du Service technique, rue du Parc 1B, L-4771 Pétange ou sollicitée par courriel à alexandra.leick@petange.lu.

# NUIT DU SPORT 2024

@

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du




15. EDITIOUN

# MAACH MAT A PROBÉIER AUS!

08/06
2024

**GRATIS**
ENTRÉE

**Centre Sportif
Bim Diederich
Pétange**







MÉI INFOEN OP

**WWW.PETANGE.LU**
**NUITDUSPORT.LU**

@nuitdusport.lu   @nuitdusport

OP INITIATIV VUN

snj Service national de la jeunesse

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

AM KADER VUN


# LËTZEBUERGLIEFTSPORT

Leichte Sprache

# Infos über die Europa-Wahlen

Am **Sonntag dem 9. Juni 2024** sind **Europa-Wahlen** in Luxemburg.
Luxemburgische Bürger wählen dann ihre Vertreter für das Europa-Parlament.
Luxemburg hat immer **6 Politiker** im Europa-Parlament.

Das Europa-Parlament entscheidet wichtige Sachen für ganz Europa.
Zum Beispiel: Gesetze, Geld-Fragen oder Tier-Schutz.




Sie haben Fragen über die Europa-Wahlen?
Zum Beispiel:

- Wie kann ich wählen?
- Wo kann ich wählen?
- Wann kann ich wählen?
- Muss ich wählen gehen?
- Welche Länder haben Vertreter im Europa-Parlament?

Dann gehen Sie auf diese **Internet-Seiten**:

- elections.public.lu
  Sie können diesen QR-Code mit ihrem Handy scannen.
  Dann kommen Sie auf die Internet-Seite.
- klaro.lu

Sie finden dort Infos in Leichter Sprache über die Europa-Wahlen.

# Die Brief-Wahl anfragen bei der Gemeinde Petingen

Sie können **nicht** in das Wahl-Büro gehen am 9.Juni?
Dann können Sie über **Brief-Wahl** wählen.

**Achtung:** Sie müssen die Brief-Wahl vorher anfragen.

# Wie fragen Sie die Brief-Wahl bei der Gemeinde an?

Sie wollen die Brief-Wahl anfragen? Das geht so:

## Leichte Sprache

1. **Sie holen sich das Formular für die Anfrage.**

   Das Formular ist ein Zettel, auf den Sie Infos schreiben können.
   Sie finden den Zettel auf der Internetseite **www.petange.lu**
   oder bei der Gemeinde: Gemeinde Petingen – Empfang
   place J.F. Kennedy
   L-4760 Petingen

2. **Sie füllen das Formular aus.**


   Sie schreiben zum Beispiel darauf: ihre Adresse, ihren Namen, …

3. **Sie schicken es mit der Post an Ihre Gemeinde zurück.**




   **Achtung:** Sie müssen das **vor dem 15. Mai 2024** tun!
   Und Sie müssen eine Brief-Marke auf die Enveloppe kleben.

4. **Sie erhalten eine Enveloppe von der Gemeinde.**



   In der Enveloppe sind:




   - Wahlzettel
   - 1 kleine Enveloppe und 1 große Enveloppe
   - Anweisungen für den Wähler

   In den Anweisungen steht: was Sie machen müssen.

5. **Sie füllen den Wahl-Zettel aus.**

   Auf dieser Internet-Seite gibt es Erklärungen dazu:

6. **Sie legen den Wahl-Zettel in die kleine Enveloppe.**

7. **Dann legen Sie die kleine Enveloppe in die große Enveloppe.**

   Und Sie verschließen die große Enveloppe.

8. **Sie werfen die große Enveloppe in eine gelbe Brief-Kiste.**




   **Achtung:** Sie müssen das spätestens am Mittwoch, den **5. Juni** machen!

   Sie müssen **keine** Adresse auf die Enveloppe schreiben.

   Sie brauchen **keine** Briefmarke für die Enveloppe.

# BUERGBRENNEN
## AN DER PÉITENGER GEMENG











